# Association des Cadres Fonctionnaires de l'Administration gouvernementale - Questionnaire

## 1. Représentations du personnel de l'Etat

Et ass en intressante Gedanke fir d'Legislatioun duerhin ze reforméieren, datt an allen Administratiounen a Servicer vum Staat demokratesch Walen organiséiert ginn. Allerdéngs muss een am Detail kucken, wéi dat soll agefouert ginn an ob dat wierklech eng gutt Iddi ass, déi wierklech am Sënn vun alle Bedeelegten ass an domat e Plus fir si bréngt.

Dofir wier et gutt, fir d'éischt emol e Bilan ze maache vun deenen Erfarungen, déi bis elo mat esou Wale gemaach goufen. Dobäi sollt een och d'Erfarungen am Ausland méi genau kucken a se an engem méi generelle Verglach auswäerten. Dobäi muss een och iwwerleeën, wat fir en Impakt dat op déi aner Karriären hätt, déi deen Abléck jo dann och missten esou Wale maachen, an ob dat net Iwwerschneidunge mat eisem System vun de Sozialwale mat sech bréngt, notamment och am Kader vun der Chambre des fonctionnaires et employés publics.

D'ADR verschléisst sech dëser Iddi also net, well mir prinzipiell eng favorabel Haltung géintiwwer Iddien hunn, déi méi Demokratie kënne bréngen. Mir soen awer, datt een d'Iddi an der Praxis am Detail iwwerpréiwe muss an dann och konkret Modalitéite brauch, déi d'Situatioun verbesseren an net méi komplizéiert maachen.

## 2. Recrutement des fonctionnaires et employés publics dans les départements ministériels

Beim Rekrutement ass d'ADR grad ewéi d'ACFAgouv der Iwwerzeegung, datt déi Prozedure musse komplett transparent sinn, an datt et keng Willkür bei deenen Examen duerf ginn. Esou wéi fréier soll e kloren, novollzéibaren an transparente Klassement etabléiert ginn, un dee sech dann och muss  gehale ginn. Dat géing bedéngen, datt déi zweet Partie vum Examen-Concours op alle Fall emol misst reforméiert ginn.

## 3. Recrutement régressant au niveau du groupe de traitement B1

Do ass d'ADR och der Iwwerzeegung, datt ee fir d'éischt emol sollt e Bilan vun de Rekrutementer an deene verschiddene Karriäre maachen. Mee fir der B1 erëm méi Karriärsperspektiven ze ginn, missten och d'Premièresdiplomer revaloriséiert ginn, esou datt eng Persoun mat deem Diplom och tatsächlech nees zouverlässeg déi néideg Kenntnesser a Kompetenze matbréngt, fir kënnen eng Verwaltungskarriär ze maachen. Dat bedeit, et hänkt fir eis of vun enger Revaloriséierung vun de Premièresdiplomer duerch besser Schoulen. Donieft muss et fir eng B1-Karriär och eegen an interessant Karriärsperspektive ginn, esou datt manner muss op A2en zeréckgegraff ginn.

## 4. Législation sur le harcèlement moral

Als ADR si mir natierlech och géint den „harcèlement moral“, waren awer ëmmer schonn der Meenung, datt déi respektiv Gesetzer iwwer den „harcèlement moral“ an den „harcèlement sexuel“ schwéier anzehale sinn. Et kann een zum Beispill net vu Clienten a Fournisseure bestëmmte Verhalensweisen erwaarden an dann dem Employeur d'Responsabilitéit ginn, wann déi sech net dorun halen. Do sinn esou vill logesch, psychologesch a legal Problemer an deene Gesetzeskonstruktiounen, datt ee muss ganz virsiichteg sinn.

Déi Iddi, datt eng neutral Instanz soll beoptraagt ginn, fir Kloen am Beräich vum Harcèlement ze préiwen, ewéi z.B. de Commissaire aux affaires disciplinaires, ass a priori e ganz intressante Gedanken.

**5. Télétravail**

D'ADR ass net averstanen domat, datt dat fir jiddereen en automatescht Recht gëtt. Et muss een z.B.  no Verwaltungen ënnerscheeden, well et si ganz vill Beschäftegunge beim Staat (och wa si administrativer Natur sinn), bei deenen den Teletravail net méiglech ass, an et mussen och Gerechtegkeetskrittäre spillen. Et kann een dat also net a priori ganz allgemeng an ondifferenzéiert festleeën. Dofir muss eng gewësse Flexibilitéit bestoen, ouni op de Wee vun engem allgemenge Recht ze goen.  Och wëlle mir oppassen, datt net verschidde Kategorië vu Staatsbeamte sech benodeelegt fillen. Et muss hei eng gerecht an allgemeng akzeptéiert Léisung fonnt ginn, déi och ëmmer den Intressi vum Déngscht mat berécksiichtegt.